



N°6967
Entrée le 06.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An verschiddene Lycéeën gi Chineesesch Coursë fir d'Schüler ugebueden. Dës Coursë gi vum "Centre de Langue et de Culture Chinoises du Luxembourg" (CLCCL) organiséiert. De CLCCL ass vun dem Chineeseschen Educatiounsministère unerkannt a schafft mat der Shanghai Normal University zesummen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister soe wéi hei séchergestallt gëtt, dass d'Coursen déi vun der CLCCL ugebuede ginn, onofhängeg vun de Positiounen vun der Chineesescher Regierung sinn?
2. Gëtt de CLCCL reegelméisseg kontrolléiert? Wa jo, wéi genau? Wa nee, firwat net?
3. Ginn an dës Sproochecoursen och Theme wéi d'Situatioun am Hong Kong oder vun den Uiguren thematiséiert?
4. Wéi ginn aner Sproochecoursen, déi a Schoule vun externen Organisatiounen mat Lien an d'Ausland gehale ginn, kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 6967 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

An enger Rei vu Lycéeë ginn effektiv Chineeseschcoursen ugebueden; verschiddener dov u gi vum Personal vum Centre de Langue et de Culture Chinoises au Luxembourg (CLCCL) gehalen.

Am Kader vun der allgemenger Lëtzebuerger Gesetzgebung steet dem Educatiounsminister keng Kontroll vum CLCCL zou. Allerdéngs ass all Personal, dat an der Schoul intervenéiert, gehalen, d'Reegele vun den ëffentleche Lëtzebuerger Schoulen ze respektéieren; zu deene Reegele gehéiert och déi politesch Neutralitéit. Meng Servicer hu keng Kenntnis vu Fäll, an deenen dës Reegelen net agehale gi wieren. Et sief nach preziséiert, datt laut dem Artikel 24 vum Lycéesgesetz (*Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*) den Direkter net nëmmen de Supérieur hiérarchique vum Personal ass, dat am Lycée intervenéiert, mee en ass och de pedagogesche Responsabelen: « *En tant que responsable pédagogique, [le directeur] inspecte les cours et contrôle la mise en œuvre des programmes d'études.* »

Dës Remarquë gëlle fir sämtlech Sproochecoursen, déi vun externen Intervenanten an de Schoule gehale ginn.

Lëtzebuerg, de 7. November 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH